




La PESTE + L'ETRANGER

Dee bekanntste Roman vum **Nobelpriiss-Laureat Albert Camus** ass onni Zweifel den ETRANGER. Déi lëtzebuergesch Iwwersetzung war vrun engem Joer just prett, wéi et mat deer häerzgepuppelter Covid-Pandemie lassgaang ass. Natierlech ass et dunn d'éischt un der PESTE gewiescht, an déi ass elo zënter 10 Wochen an der ‚Fënster‘ ... an **da kënnst och elo gläich den ETRANGER an de Bicherbuttek**. Eis Sprooch, deen



‚*dialecte qui a réussi*‘, huet si allenzwee ‚gepackt‘; si brauch sech glat net hannert deer däitscher, englescher oder soss enger Versioun dovun ze verstoppem; dat hunn héichqualifizéiert Spezialiste wéi d'Professere Raymond Schaack a Frank Wilhelm schréiftlech ennerstrach. Dat ass iwwregens dann och eng weider Geleeënheet, fir **dem Lëtzebuergesch als Lektür op ieweschte Lycéesklassen eng zerguttstert Plaz** ze ginn!

vum Lex Roth



‚Sehnsucht‘

Et ginn eng ganz Partie **Behauptungen, déi onni vill Iwwerleeëns nogeplättelt ginn**. Fir eis Sprooch ass eng dovun, dass si **nom ‚Fixspoun‘ an dem ‚Gromperekiewerlek‘ keen anert neit Wuert méi** gemaach hätt ... also ‚dialektal‘ stoe bliwwen wier. Dat guff esou gelunge-liichtfankeg vum Robert Bruch an d'Welt gesat, duerno vum Fernand Hoffmann weidergesponnen; allenzwéin eiser kompetentster Sproochspezialisten ... ower dat war ‚laanscht den Dill‘!

Well: 1978 hu mir, iwwer den deemolegen ‚RTL-Hei elei‘ e Concours organiséiert, fir erauszefannen, **wien déi meescht Wieder giff bréngen, déi noweisbar zënter 1920 entstanen sinn**: e puer Honnert sinn der erakomm! De Schoulmeeschter Aloyse Schmitz vum Dikrech hat mat 170 bluttjonke lëtzebuergesch Ausdréck gewonn an eise 5-bännegen Dictionnaire als Präiss kritt!

Genee esou geeschtert och alt dorëmmer, et giff **keng Iwwersetzung fir déi däitsch ‚Sehnsucht‘ ginn**. Mä wat solle mir da mam englesche ‚longing/to long‘, deer franséischer ‚langueur‘ maachen, iwwer déi de Verlaine esou genial gedicht huet ... mat deem lëtzebuergesche ‚Verlaangere‘, dat mir bei eise Michel Lentz fannen (gelungenerweis no beim Engleschen a Franséischen)? Dat ass ower nëmmen ee Beispill vu villen ... iwwerall! Apaart géint déi ‚Kleng‘. ☺

Eis Sproochsituatioun

Déi ass jo alt emol op d'mannst **an der Chamber eemoleg op der Welt**: e Gesetz gëtt op Franséisch geplangt – op Lëtzebuergesch diskutéiert – erëm wéi am Frankräich publizéiert – dann op Däitsch an der Press erduerchgeholl; vum ‚Humpegespräch‘ driwwer emol net ze schwätzen. ☺ **Déi Émstänn gitt dir egal wou op der Welt ämsoss sichen**; och net an Irland oder op Malta ... an ower sinn hir Stack-sproochen offiziell EU-Idiomen. Maja. Ower firwat solle mir – bei esou enger eemoleger Sproochsituatioun – da klatzkappeg drop halen, dass d'Lëtzebuergesch dees selwechte ‚Status‘ misst kréien. D'Irlännesch Gesetzer ginn nun emol net an der ‚Stacksprooch‘ vum Land besprach, well nëmmen knapps 2% vu ronn 5 Milliounen hirt Gaelescht schwätzen (Wikipedia). Malta knat un engem postkoloniale Sproochkomplex a wëllt sech (ämsoss) dem Englesche senger lassmaachen; et huet iwwregens 20% manner Awunner wéi Lëtzebuerg ... an ass emol net hallef esou grouss wéi eist Éislek (316 géint 828 Km²). Kommt, mir ginn äis mat eiser Sprooch als ‚petite langue‘ zefridden, loosse si logescherweis ower op kee Fall als ‚langue minoritaire‘ vernennen ... a VERSUERGEN se!!!

lazeg a latzeg

De COVID19 ass eng latzeg Geschicht, mécht d'Leit ee Gléck net alleguer a scho guer net ‚intensiv‘ krank, ower op d'mannst dacks **lazeg/depressiv/flemmseg**. D'Corona-Virus-Kränk geheet eis Gesellschaft beileiwen net nëmmen gesondheetlech op d'Kopp; loosst mer och un déi sëllege Leit denken, deenen hir materiell Existenz un engem verdäiwelt dënne Fuedem hänkt!

Et fällt engem net apaart liicht, an deem Zesammenhank eppes iwwer eis Sprooch ze soen; vläicht ass et ower eng butzeg Ofwiesselung. **Déi zwéin Ausdréck ‚lazeg a latzeg‘ hunn hei leider hir Plaz**. Si sinn zwar iergendwéi Famill mateneen, ower et kann een deen een net fir deen anere gebrauchen. LATZEG ass eppes, dat engem ‚net geet‘, z.B. eng Saach, eng Situatioun oder e Mënsch, déi engem op d'Schlapp gin, also ‚lästeg‘. LAZEG wier ongeféier mam däitsche ‚langweilig‘, mam englesche ‚lazy‘ (wéi no!) ower och mat eise ‚flemmseg‘ gläichzesetzen. Dir sot elo vläicht,

dat wier jo Franséisch ... jein; ‚las+lassitude‘; jo. Do gëtt et dann och nach ‚la flemme, le flemmard‘, si hunn ower keen Adjektiv dofir; mir: flemmseg! Ok, dat ass alles net onbedéngt wichteg, ower net oninteressant. An deer ganzer aremséileger Retsch ass déi franséisch ‚déprime‘ och am Lëtzebuergesch an der Rei (Evolutioun!) ... hoffentlech bleift dat alles äis erspuert.

Eng Gladder???

Et heescht, **dem Lëtzebuergesch seng Haaptspécialitéit beim Kascht wier VILL a GUTT**. Dat ass bestëmmt net ganz wäit vum Dill. Vläch hu mir dofir och **esou sëllegen Ausdréck do rondrem**: *Gloscht, glëscheren, gammssen, gladder, eng Gladder* asw. Denkt emol driwwer no, wat et an deem Streech esou an anere Sproocher gëtt.

Nach **eng vun eise flotte Spécialitéiten ass, dass mir äis esou zimlech aus allen Härelänner deer beschter Mäifel op den Teller schäeren**. Heinsdo kréien déi dann och nach eis ‚Nationalitéit‘ an esouguer Nimm, déi et do net gëtt. Huet emol ‚eis‘ *Pastaschutta*; déi sicht dir an Italien ämsoss, well den Tunn Nosbusch verréit äis, dass ‚asciuta‘ ganz einfach ‚dréchen‘ heescht; demno e genëssege ... Witz! A wéi wier et mat eise ‚Mac(a)ronien am Schäffchen‘. Och eis Fritten oder eise Grompère-pürree kënnen et op eis Manéier spillen mat hire belsen oder däitsche Kosengen ophuelen. Leider gëtt bei der Fritt net méi genuch un d'Énzelt geduecht, dass d'Belsch nach ëmmer fir dobäi huelen; da gëtt geduecht, dass wier e besonnesche Goût; probéiert emol. Huet de Paangech; do giff sech e Buch fir sech driwwer schreiwe loosse ... mä et gëtt gemengt eng ‚crêpe bretonne‘ wier dach méi eppes Feines ... vläch well et esou deier kascht? **Mengt och alt net, eng ‚Gaufer‘ wier besser wéi den ‚Eisekuch‘ mat sengem typesch lëtzebuergesch Numm**. Wéi ass et mam (panéierte) Kuddelfleck ‚à la luxembourgeoise‘? Dir sicht egal wou ämsoss eng Bouneschlupp wéi op eisen Telleren; dat scho guer net mat deem genëssegem Numm! Vum ‚Judd mat Gaardeboune‘/‚Dullessen‘ net ze schwätzen. Fir Gesolpertes mat sauerem Mous musse mir och net an d'Elsass fueren, eis Solper ass nun emol apaart! Eisen hausmaacher Pâté, z.B. mat 3 Zorte Liewer, brauch sech net hannert deem ‚gepéngte‘ *Foie gras* ze verstoppem. Wirschtercher? Huet dir déi zu Frankfurt, Wien oder Lyon oder ‚gebootschte Bippercher‘ schon op eis ‚Manéier‘ fonnt? *Mia sa mia*, seet de Bayer; a **mär si mär, heescht et zu Esch**. Da loosst iech et gutt schmaachen ... och typesch EISES!

Stëmmt: all Sprooch ‚evoluéiert‘.

Dat ass och net schlecht ... **ower net, wann een egal wat a muttwëlles ‚eraquëtscht‘**, vläch esouguer an en ‚Dictionnaire‘ hieft. A jidfer Sprooch gëtt et ‚Saachen‘, déi haut net méi bestin, z.B. an eiser e ‚Rompfaass‘, e Känki, eng Bauchbiden asw. Da verblatzen si och an der Sprooch, iwwerall. Anerer sinn nei bäikomm: den Handy, de Mixer, de Mail; vrun allem op techneschem Gebitt, a verdäiwelt dacks aus dem Engleschen. Do trëppele mir keen extrae Piedchen. **Mir hunn ower en typesche Problem, net nëmmen mam Engleschen (z.B. boosten), mä apaart mam Franséischen a besonnesch mam Däitschen**. Et ass ewell eng (lästeg) Leier, dass ëmmer missen ze ennersträchen. Firwat geeschtert esou eng Grujelerei wéi des an engem Commentaire: *An der Pandemie ass Villes an de Verzych komm ...* dass ass genee esou falsch, wéi wann een op däitsch giff soen *es ist viel hintendrein geraten*. Firwat sollen eis Kanner dann elo **d'Éischt Kommioun ‚ëmpfänken‘**; typeschen ‚Däitschkoller‘, déi ass nach ëmmer einfach ‚gemaach‘ ginn, oder? Deer Beispiller kënn ee kludderweis bréngen, an et giff ‚Pittisdäitsch‘, wéi alt emol eng lëschteng Rubrik an der REVUE geheescht huet. Elo ass et **leider och nach esou, dass ‚mir‘ wéi Bandwierm an de LOD ophuelen, wat an deem Sënn e puermol um Radio oder der TV ... net gewosst ass!** Ech weess, dass een sech heimat plazeweis keng Frënn mécht ... an ämgedrënt. ☺ Ower wéi dacks huet dann hei ewell gestan, fir säi Lëtzebuergesch an seng ‚Patt‘ ze kréien, soll een sech emol mam Robert Bruch, dem Tit Schroeder, dem Marcel Reuland, dem Josy Braun, dem Pol Greisch asw. ofginn. Do ass näischt iwwerdriwwen, ‚normativ‘, vereelt, alschliesch. Grad wéi an deem, wat ech an der Sprooch ‚verbrach‘ hunn! En ‚Talk‘ fälleg? Wat de Jemmy Koltz esou genësseg mat ‚Schnësseg‘ iwwersat huet?

Generalversammlung 2021

Och dëst Joer musse mir eis Generalversammlung erëm „op Distanz“ maachen, well d'Corona-Pandemie äis et nach net erlaabt, phisesch beieneen ze kommen, sou wéi mir dat soss gemaach hunn. An den nächste Woche kréien eis Memberen all Dokumenter geschéckt, déi si brauchen, fir iwwer déi eenzel Punkten ofstëmmen ze kënnen. Bis den 31. Mee mussen dann d'Stëmmziedelen erageschéckt ginn. **Wann deen een oder anere Member gär an eise Comité matschaffe géif, da misst hien/si bis spëtstens de 15. Mee seng / hir Kandidatur fir de Comité an eise Sekretariat schécken (Actioun Lëtzebuergesch – 20, Conter Strooss – L-5955 Izeg).** De Comité